N°772
Entrée le 22.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2024
Chambre des Députés

FRAKTIOUN CSV

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, de 22. Mai 2024**

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Mir hu bäi eis an der regionaler Musekschoul festgestallt, dass zënter der Gratuitéit vun de Coursen an der Musekschoul d'Zuel vun de Schüler, déi am Laf vum Schouljoer ophalen weesentlech um klammen ass. Wann ee Schüler am Laf vum Schouljoer ophält, dann entfält och den entspriechende Finanzement vum Ministère fir dee Schüler respektiv Cours, esou datt d'Käschte vum Abandon integral un de Gemengen hänke bleiwen. Soumatt klammen d'Käschten fir d'Gemengen déi un der regionaler Musekschoul bedeelegt sinn och kontinuéierlech.

Haut mussen d'Elteren näischt méi bezuelen an et schéngt dofir manner schwéier ze falen d'Kand einfach ofzemellen an esou en Abandon am Laf vum Schouljoer ze maachen.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen:

- Ass dëst e generelle Problem deen all d'Musekschoulen hunn? Wéi huet d'Zuel vun den Abandons zënter der Gratuitéit vun dem Enseignement musical an de Musekschoulen uechter d'Land évoluéiert?
- Gedenkt de Ministère drun Sensibiliséierungscampagnen ze maache wat d'Konsequenze vun engem Abandon sinn an dass et awer vläit am Sënn vum Kand wier e Schouljoer bis zum Enn duerchzezéien am Plaz einfach direkt opzehalen ?
- Gedenkt de Ministère de Finanzement vun de Musekschoulen unzepassen fir an Zukunft och déi Schüler fir de Finanzement mat en compte ze huelen déi am Laf vum Schouljoer opgehal hunn an esou d'Gemengen ze entlaaschten?
- Wier et net ubruecht an deene Fäll den Eltere vum Schüler d'Käschte vum Abandon a Rechnung ze stellen, falls et net eng valabel Ursaach fir den Abandon gett, wéi z.B. Krankheet, plënneren etc.?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Stéphanie Weydert**

**Deputéiert**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 772 vun der honorabeler Deputéiert Stéphanie Weydert**

**Ad 1)**

De Museksunterrecht am kommunale Secteur gëtt vun de Gemengen/Gemengesyndikater organiséiert. Virum Akraafttriede vum neie Museksunterrechtsgesetz (*Loi du 27 mai 2022 portant organisation de l'enseignement musical dans le secteur communal*) gouf et keng gesetzlech Basis fir en obligatoreschen Informatiounsaustausch tëscht de Gemengen/Gemengesyndikater an dem Ministère, a Bezuch op Schülerinnen a Schüler, déi am Laf vum Joer mat engem oder méi Coursen opgehalen hunn. Zanter dem Akraafttriede vum uewe genannte Gesetz (Schouljoer 2022-2023) kann de Ministère op dës Donnéeën iwwert eng speziell en place gesaten informatesch Datebase zeréckgräifen.

Am Schouljoer 2022-2023 goufen et landeswäit 7,08 % Abandone vun insgesamt 34.824 Aschreiwungen. Am Schouljoer 2023-2024 goufen et (bis dato, véier Woche virum Enn vum Schouljoer) landeswäit 6,16 % Abandone vun insgesamt 38.191 Aschreiwungen.

**Ad 2)**

Nee, dat ass net virgesinn.

**Ad 3)**

Et sief drun erënnert, datt nom ale Museksunterrechtsgesetz vun 1998 déi Coursen, wou de Schüler am Laf vun engem Schouljoer opgehalen huet, net vum Staat fir d'Participation financière consideréiert goufen. Fir de Gemengen an dëse Fäll awer finanziell entgéingtzekommen, gouf am Museksunterrechtsgesetz vum 27. Mee 2022 virgesinn, datt fir all Aschreiwung, wou de Schüler tëscht dem 15. September an dem 15. November ophält, d'Gemeng d'Méiglechkeet huet, eng aner Aschreiwung an d'Plaz opzehuelen, déi dee Moment och fir d'Participation financière vum Staat consideréiert gëtt.

Fir d'Schouljoer 2022-2023 konnte landeswäit doduerch 3,31 % vun den Aschreiwungen zousätzlech consideréiert ginn, a fir d'Schouljoer 2023-2024 sinn et 4,02 % vun den Aschreiwungen, déi zousätzlech consideréiert ginn.

**Ad 4)**

Nee, dat géif dem Prinzip vun der Gratuitéit, deen am uewe genannte Gesetz vum 27. Mee 2022 fixéiert gouf, widdersproechen.

Lëtzebuerg, de 24. Juni 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH